Luxembourg, le

Madame la Ministre
de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

Luxembourg

Personne en charge du dossier:
Adisa Karahasanovic
☎ 247 – 82952

Réf.: **2012 - 2013 / 2793 - 01**

**Objet:** *Question parlementaire n° 2793 du 27 juin 2013 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.*

Madame la Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer la question parlementaire en annexe, concernant l'encadrement des enfants surdoués.

Je vous saurais gré de me faire parvenir votre réponse en temps utile pour en permettre la transmission à la Chambre des Députés, aux fins de publication au compte rendu dans le délai d'un mois imparti par l'article 80 de son Règlement, c'est-à-dire au plus tard le **29 juillet 2013**.

**La réponse, qui doit figurer sur une feuille séparée de la lettre de transmission,** est à adresser directement au Ministre aux Relations avec le Parlement, **à l'enseigne du Service Central de Législation, 43, boulevard Roosevelt, L-2450 Luxembourg**, qui la continuera au Président de la Chambre des Députés.

Afin de faciliter les travaux de confection du compte rendu de la Chambre, **la réponse doit également parvenir au Service Central de Législation sous forme électronique (questionparlementaire@scl.etat.lu).**

Je me permets de rappeler que l'article 80 (5) du Règlement de la Chambre des Députés dispose qu'à défaut de réponse du Ministre à une question dans le délai d'un mois, cette question pourra être posée oralement par le Député concerné lors d'une prochaine séance publique de la Chambre.

**Si le délai d'un mois préindiqué vous semble trop court et si vous ne vous voyez pas en mesure de fournir votre réponse dans le délai prescrit, l'article 80 (3) vous donne la possibilité d'en informer le Président de la Chambre, par mon intermédiaire, tout en indiquant les raisons d'empêchement et la date probable de la réponse. Le Président de la Chambre peut alors accorder un délai supplémentaire.**

Veuillez agréer, Madame la Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Daniel Andrich
Conseiller de Gouvernement 1re classe

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe Parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 JUIN 2013
2793

Här Laurent Mosar
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Luxembourg

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2013

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Edukatiounsministesch weiderzeleeden.

*Et gëtt geschat, datt tëscht 1% an 3% vun der Bevëlkerung héichbegabt ass. Well se am traditionnelle Schoulsystem ënnerfuerdert ginn, fillen sech déi betraffe Kanner do meeschtens guer net wuel – an dës Onzefriddenheet kënnen se ënnert anerem doduercher zum Ausdrock bréngen, datt se den Unterrecht stéieren oder sech weigere matzeschaffen. Dëst ass ëmsou méi bedauerlech, datt dës Kanner, wann se op eng adequat Aart a Weis encadréiert ginn, Grousses leeschte kënnen.*

*An deem Kontext wéilt ech der Madame Edukatiounsministesch dës Froe stellen:*

1. *Gëtt d'Léierpersonal, sief et am Enseignement fondamental oder am Enseignement secondaire, op dës Problematik sensibiliséiert ?*
2. *Gëtt et fir Lëtzebuerg Statistiken zur Héichbegabung?*
3. *Wéi ginn zu Lëtzebuerg déi héichbegaabte Kanner encadréiert?*
4. *Ginn déi héichbegaabte Kanner esou gutt wéi méiglech am Lëtzebuerger Schoulsystem integréiert (z.B. doduercher, datt se an engem Schouljoer mat engem ganzen Zyklus fäerdeg sinn) oder ginn se éischter a speziell Strukturen am Ausland geschéckt?*
5. *Firwat gëtt et zu Lëtzebuerg keng speziell Struktur fir héichbegaabte Kanner? Ass et virgesinn, fir an Zukunft an deem Beräich eppes z'ënnerhuelen?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Karthelser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

Coordination générale

Luxembourg, le 10 juillet 2013

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne: question parlementaire N° 2793 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Mady Delvaux-Stehres
Ministre de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

127-00188-2004816-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle
Coordination générale

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2013

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Äntwert vun der Madame Minister fir Erzéiung a Beruffsausbildung op d'Question parlementaire N° 2793 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser**

De 16. September 2011 hat ech schonns d' Geleeënheet fir dem Här Bauler op eng ganz ähnlech Fro op Franséisch ze äntwerten (cfr. QP N° 1624).

Di éischt Fro vum Här Kartheiser betrëfft d'Sensibilisatioun vum Léierpersonal an do wëll ech ervirsträichen, datt de SCRIPT all Joer mindestens eng Formatioun offréiert, di sech mat der Thematik vun héich begaabte Kanner ofgëtt. Dës Formatioune gi meeschtens vun auslännesche Spezialiste gehalen an heeschen zum Beispill:

- Lichtblick für helle Köpfe: Praktische Begabungs- und Begabtenförderung in der Schule,
- Hochbegabte Kinder in der Schule finden und fördern,
- Problématique des enfants à haut potentiel.

Wat di 2. Fro ugeet, kann ech informéieren, datt mir keng geséchert Statistiken hunn, wéivill Kanner tatsächlech zu Lëtzebuerg héich begaabt sinn. D'Thematik vun den héich begaabte Kanner fänkt bei dem *Dépistage* un. Deen ass net ëmmer liicht ze maachen, well Kanner mat enger Héichbegabung ganz oft och nach Opfällegkeeten am Verhalen opweisen, déi derzou féieren, datt si net ganz gutt sinn an der Schoul, an esou en *Dépistage* méi schwéier maachen. Den *Dépistage* muss virun allem an der Grondschoul gemaach ginn, well soss kann et schonns ze spéit sinn, fir dem Kand ze hëllefen.

Di 3. Fro bezitt sech op den *Encadrement*. Mir hunn an eisem Schoulsystem eng ganz Rei vun Dispositiounen, di och engem héich begaabte Kand et erlaben, fir seng Schoul an engem ugepassten Ëmfeld ze maachen. Ech zielen op:

- d'Verkierzung vun engem Léierzyklus vun 2 Joer, deen an engem Joer ka gemaach ginn,
- de fréien Dépistage vun de Besoins spécifiques an der Commission d'inclusion scolaire,
- a ganz extrae Situatiounen, de Placement vun engem Kand duerch d'Commission médico-psycho-pédagogique nationale an engem spezialiséierten Institut.

127-000188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

Bei der 4. Fro wëll ech ervirsträichen, datt et ganz wichteg ass, mat den Elteren ze schwätzen fir ze versichen, di beschte Léisung fir hiert Kand ze fannen. Net all Kand, dat héich begaabt ass, soll d'nämlecht encadréiert ginn; dem Diagnostik no kann eng Integratioun an eng normal Klass sënnvoll sinn oder och net.

Zur 5. Fro wëll ech soen, datt mir zu Lëtzebuerg am Ament keng speziell Struktur hu fir héich begaabte Kanner. Fir esou eng Struktur brauch een e Minimum vu Kanner, déi mir haut net hunn, an awer och speziell ausgebilte Léierpersounen. Duerfir hu mir an eise Servicer vun der EDIFF an dem CPOS d'Méiglechkeet, fir den Elteren Informatiounen an awer och eng diagnostesch Hëllef unzebidden.

Virun e puer Wochen war ech mir selwer e Bild vun enger Schoul zu Tréier maachen, dem Auguste-Viktoria Gymnasium, deen héich begaabte Kanner och schonns am Grondschoulalter kann ophuelen. Dobäi hunn ech festgestallt, dat et méiglech ass, hei zu Lëtzebuerg eng ähnlech Virgoensweis anzeschloen, dat heescht eng Offer fir héich begaabte Kanner an engem Lycée unzebidden, ouni eng extra Struktur op d'Been stellen ze mussen. Mir hunn dat schonns an engem gewësse Mooss duerch déi verschidde Offeren am Lycée, d'Méiglechkeet, Latäin ze wielen, duerch all d'Sektiounen op den ieweschte Klassë mat ganz verschiddene Usprécht un d'Talent an de Fläiss vun de Schüler.

Mady Delvaux-Stehres
Ministerin fir Erzéiung a Beruffsausbildung